



Parbréif

Par Regioun lechternach St Willibrord

Nr

6/25

In hoc signo vinces

Mëtt August war ech mat Frënn ënnerwee um Grondhaff an hu mir mol dat Kräiz, wat do um Flouer steet, méi genee ugekuckt. 1939 ass dëst Kräiz deemools zur Joerhonnertfeier vun der Onofhängegkeet opgeriicht ginn an et erënnert un déi éischt Spuere vu chrëschtlichem Liewen an eisem Eck. Um Grondhaff stoung eng kleng Méchelskierch. An d'Kräiz weist drop hin, dass op dëser Plaz den hellege Willibrord een éischten Altar opgeriicht soll hunn.

Uwen um Kräiz ass dann de Saz age-meesselt: In hoc signo vinces. - An/ënnert dësem Zeeche wäerts du gewinnen. Dee Saz ass bekannt an der Geschicht, dass hien op de Keiser Konstantin zeréck gefouert gëtt. Den 28. Oktober 312 koum et bäi der milvëscher Bréck viru Roum zu enger Schluecht tëschent dem Konstantin a sengem Rival Maxentius. An enger Visioun ass Christus dem Konstantin erschéngen an huet him gesot, dass hien d'Zeeche vum Kräiz géint seng Feinde soll asetzen. De Konstantin huet deemools d'Schluecht fir sech entscheet. Dat hat dann eng gréisser Auswirkung op déi méi Chrëschte-frëndlech Politik vum réimesche Keiser. Lues a lues sinn d'Chrëschte mat hirem Kult deenen anere Kulte gläich gestalt ginn.

In hoc signo vinces. Wann een dee Saz 1939 iwwert ee Kräiz schreift, dat un d'Geschicht erënnert, déi bis op de Willibrord zeréck geet, da kann een dat vläicht och als eng Warnung gesinn op déi däischter Wolleken, déi deemools schonn opgezu sinn. D'Kräiz steet jo net einfach als Zeeche

vu Folter an Dout do. Et steet fir d'Botschaft vu Jesus Christus. Et steet fir d'Botschaft vum Fridden an der Gerechtegkeet. De Willibrord hat zu senger Zäit versicht des Botschaft an eiser Géigend bäi d'Mënschen ze bréngen. Deelweis hunn d'Mënschen des Botschaft ugeholl, deelweis ass si awer och erëm vergiess ginn. A genee esou ass dat iwwer all déi laang Joerhonnerten ëmmer nees gewiescht.

In hoc signo vinces. Kéint ee vläicht haut och als eng Manung huelen, dass mir eis erëm méi un d'Botschaft vum Kräiz, un d'Botschaft vu Jesus Christus sollten erënnere. Eist Handele muss vun der Léift, dem Fridden an der Gerechtegkeet gepräagt sinn. Wa mir eis selwer ganz ënner dëst Zeeche vum Kräiz stellen, dat heescht, wa mir eis ganz am Sënn vu Christus an eiser Welt asetzen, kann och eis Zäit gewinnen a gutt ginn.

Den Dag just ier offiziell erëm d'Schoul ufänkt, de 14. September, ass d'Fest vu "Kreuzerhöhung". Vlächcht sollt eis dat Fest drun erënnere, fir heiansdo erëm méi intensiv op d'Kräiz vu Christus, op seng Botschaft ze kucken an dono ze handeln. Mënsche wéi de Willibrord hunn sech ganz der Botschaft verschriwwen gehat an hunn eppes Grousses opgebaut. Si hunn sech mat dem Kräiz géint all dat Schlecht an der Welt gewiert. Sollte mir hinnen et net nomaachen? Een neit Aarbechtsjoer fänkt un. Ech menge schonn, dass mir dat och ënnert d'Zeeche vum Kräiz kéinte stellen. D'Fest vum 14. September kéint eis all Joer am Hierscht nei dorun erënnere, fir all eist

Schaffen esou ze orientéieren, dass duerch eis dem Jesus seng Botschaft ëmmer nees nei Wierklechkeet gëtt.

Ech wënschen alle Kanner a Jugendlechen, déi elo een neit Schouljoer ufänken, ee Joer, dat hinne vill Neies bréngt, dat si zu gudde Mënsche mécht. Ech

wënschen eis all an eiser Pargemeinschaft ee frou a schéint Aarbechtsjoer mat ville schéine Momenter. Ech wënschen eis all, dass mir dem Jesus sengem Usproch an all eisem Schaffe gerecht ginn an dass mir friddlech ee mat deem anere liewen.

Carlo Morbach



Parbréif Inhalt

Editorial...	2-3	Kierch vun Hemstal	19-20
Masseprogramm	4-14	Dëst & dat Concerts	21-24
Impressum	15	Kateches a Firmung	25-16
Griewerseenungen	16	dat (Vir-)Lescht	27
Liestipp	17-18		

25. Sonndeg am Joereskrees

Lk 16,1-13

*Kiermes zu Consdorf an zu Iechternach***Samschdeg, 20.09.***Joersdag vun der Wei vun der Basilika*Girsterklaus 11.00 **Gottesdénsgsch** mat Seenen vu MotoriederAltrier 11.00 **Daffeier** fir Millie Melchior

Echternach 15.00 Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)

Echternach 17.00 **Virowendmass** (Muttergotteskapell)
Fam Jean Zimmer-HeuskinConsdorf 18.00 **Kiermesmass** 1. JM Albert Goedert / Fam Mirkes-Roths a Stieber-Lutz / Charlotte a Roger Schroeder-Stelmes / Fam Jean-Pierre Goedert a JM Milla Goedert / Bertha a Nic Gros-Schmit an Hélène a Louis Welter-Jungels / JM Marie Wolff-Flammang / Rosa a Gust Plein-Demuth a Fam / JM Susanne Dohm-Weydert a Fam Weydert-Mirkes / St Fam Goedert-Weber / St Lucie an Ernest Bauler-Diedert, Anna Diedert an Alice Fischer, Triny a Jean Herschbach-DiedertHerborn 18.00 **Virowendmass** Nelly a René Müller WeydertGonderange 18.30 **Virowendmass** + **Seenen vun der neier Sebastiansstatue****Sonndeg, 21.09.**Girsterklaus 09.00 **Mass** JM Henriette Krantz-RothEchternach 09.00 **Mass** St Julie Alberty u. FamEchternach 10.30 **Kiermesmass** fir d'Par / Fam Jos Jans-Sauber / Chris Reuter / 3. JM Paul Pletschette / Fam Dunkel-Lentz-TrierweilerRouspert 10.30 **Kanner-a Familjemass** fir den Ufank vum Schouljoer / WM Nic Werdel / 6. WM Jos Stronck-BraunJunglinster 10.45 **Mass** fir déi Verstuerwen op Meenung / St Narcisse Moes a Fam / Odile an de Jean-Pierre Emering - Kieffer / op MeenungEchternach 11.45 **Daffeier** fir Charly EchterGirsterklaus 15.30 **Rousekranz**Echternach 18.30 **Owesmass****Méindeg, 22.09.**Echternach 09.00 **Mass (Krypta)** z. E. v. hL. Willibrord - op Meenung vun de Pilger**Dönschdeg, 23.09.** *Hl. Padre Pio*Echternach 09.00 **Mass**CIPA-Consdorf 10.30 **Mass** St fir d'Marscherleit (H 1998)**Mëttwoch, 24.09.**Echternach 09.00 **Mass** (Muttergotteskapell)
Jos Ries a Fam / St abbé René HenkesBeaufort 10.30 **Mass** (Seniorenresidenz)

Donneschdeg, 25.09.

Echternach 09.00 Mass
 Echternach 18.30 Stëll Anbetung
 19.00 Vesper

Freideg, 26.09.

Echternach 09.00 Mass

Op de Welle vum Rousekranz Rou fannen

Op enger Plage setzen an den Op an Of vun de Wellen nokucken. Wat gëtt méi Rou? Vlächet op engem Bierg eng schéi Landschaft betruechten. Wéi vill Mënsche sichen zur Zäit no Rou, no anere Gedanken? D'Vakanz kann do gutt doen. Ma net jidderee konnt elo am Summer Vakanz genéissen. Och ech konnt dëse Summer net un d'Mier. Et feelt mir och, allerdéngs op en Op an Of, dat Rou schenkt, brauch ech net ze verzichten. Änlech wéi d'Wellen um Mier ass fir mech d'Rousekranzgebiet. Ëmmer nees déi selwecht Wieder, déi sech widderhuelen. En Op an Of, wat Rou erméiglecht. Dofir bieden ech selwer gären de Rousekranz virum Schlofen, quitte datt ech och alt dobäi aschlofen. ;)

D'Rousekranzgebiet ass och eppes wéi e Bierg op deem ee klëmmt fir net bei sech, bei senge Gedanken an de Suerge vun der Zäit stiechen ze bleiwen. Hei kann ee méi wäit gesinn. Méi wäit, wéi just dat, wat ons dréckt. Och an dëser Gebietsform dierfe mir alles, wat Mënschen an ons dréckt, mat Maria dem Härgott ginn. De Rousekranz bieden heescht mat den Aa vu senger Mamm op d'Liewe vum Jesus kucken.

Den Oktober gëllt an der Kierch als Rousekranzmount - a wëllt ons fir d'Rousekranzgebiet Loscht maachen. Et ass en einfacht Gebiet: Hei ginn d'Grondgebieder - Ich glauwe an Gott, Vater Unser, Gegrüßet seist Du Maria ("Ave Maria"), Ehre sei dem Vater - an enger sënnavoller Suite widderholl. Am däitsche gi bei jeeweils zéng Ave Maria nom Numm Jesus e Niewesaz agefüügt, deem un eng Episode aus dem Jesus sengem Liewen erënnert. Esou kucke mir méi wäit wéi just de Misär vun elo, wa mir an dëse sougenannte Geheimnisser oder Gesätzer (net Gesetzer, ma Gesatenes) op de Jesus kucken.

Sidd häerzlech invitéiert an dësem Rousekranzmount d'Pärelekette vum Glawen an de Grapp ze huelen an zesummen ze bieden. Wéini dat an onser Por zesumme gemaach gëtt, fannt Dir bei de Gottesdéngschter ernimmt.

Luc Schreiner



Der Rosenkranz sagt uns, was wir gerade heute brauchen:
 Uns Zeit nehmen für das Wesentliche.
 Tun wir es, dann werden wir wieder Zeit haben, stille werden, wiederholen, verweilen können, umso reicher zu werden und nicht mehr von den Abwechslungen hin- und hergerissen werden zu müssen.

Papst Benedikt XVI

26. Sonndeg am Joereskrees

Lk 16,19-31

Samschdeg, 27.09. *Hl. Vinzenz von Paul*

Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Gonderange	16.00	Daffeier fir Mika Urlings
Echternach	17.00	Viowendmass (Muttergotteskapell) Emanuel Schoentgen / Fam. Schoentgen Schumacher / Jean-Pierre Dondelinger / Soeur Materna Eltern an Geschwester
Moersdorf	18.00	Gottesdéngscht
Bourglinster	18.30	Viowendmass Arthur an Edmond Calteux a Fam Schmitt-Boujong

Sonndeg, 28.09.

Echternach	09.00	Mass Jos Petesch a Fam Hoffmann-Klassen / Fam J.P. Osweiler-Wirtz
Osweiler	10.00	Mass 55 Joer Club des Jeunes/ 25 Joer Amicale CDJ
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / 6. Wm Marie-Louise Tibesart-Schmit / Paul Ries
Junglinster	10.45	Mass St Fam. Wies-Wagner u. Wies-Gallion / Josephine Schroeder Marchhal
Echternach	11.45	Daffeier fir Noah Dos Santos
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Echternach	18.30	Owesmass St Fam. Becker-Mangerich

Méindeg, 29.09.

Hl. Michael, hl. Gabriel u. hl. Rafael, Erzengel

Echternach	09.00	Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger
------------	-------	--

Rabbi Schmelke sprach:
 "Noch mehr als der Reiche
 dem Armen gibt,
 gibt der Arme dem Reichen.
 Noch mehr als der Arme
 den Reichen braucht,
 braucht der Reiche den Armen"

Martin Buber



Dënschdeg, 30.09. *Hl. Hieronymus*

Echternach 09.00 Mass

CIPA-Consdorf 10.30 Mass St fir Fam Dupont-Haufels (H 1998)

Mëttwoch, 01.10. *Hl. Theresia vom Kinde Jesus*

Echternach 09.00 Mass (Muttergotteskapell)

CIPA-Lënster 11.00 Mass

Donneschdeg, 02.10. *Heilige Schutzengel*

Echternach 09.00 Mass Aloys a Marguertie Ernzer-Wagner

Echternach 18.30 Stëll Anbetung

19.00 Vesper

Freideg, 03.10. *Hll Ewalde, Gefährten des hl. Willibrords*

Echternach 09.00 Mass op Meenung FPMP

duerno Stëll Anbetung bis 10.00 Auer

Junglinster 18.00 Stëll Anbetung

18.30 Mass

Moersdorf 18.30 Rousekranz



Quelle douce joie
de penser que
le Bon Dieu est Juste,
c'est-à-dire
qu'il tient compte
de nos faiblesses,
qu'il connaît parfaitement
la fragilité de notre nature.
De quoi donc aurais-je peur?

Ste Thérèse de l'enfant Jésus

27. Sonndeg am Joereskrees

Lk 17,5-10

*Rousekranzsonndeg**Kiermes zu Befort an zu Mompech*

Samschdeg, 04.10.	<i>Hl. Franz von Assisi</i>
Echternach 15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Echternach 17.00	Daffeier fir Charles an Thibaut Faber
Echternach 17.00	Virowendmass (Muttergotteskapell) op Meenung DLNH
Mompach 18.00	Kiermesmass fir déi Lieweg a Verstuewen vu Mompech a Givenich, Ad Osweiler
Gonderange 18.30	Virowendmass Nicole Kremer-Frank, Jos Goebel-Kieffer, Flore a J-P Kremer-Steffen, Irma an Emile Kieffer-Linden, Armand Seyler-Kieffer / Marie-Josée a Jacques Glod-Gloden

Sonndeg, 05.10.

Girsterklaus 09.00	Mass fir eise neie Grand-Duc an eis Heemecht
Echternach 09.00	Mass op Meenung JJ / Fam Braas
Echternach 10.30	Mass fir d'Par / f. d'Schwëstern vum armen Kinde Jesu / Maria a Jos Wohner-Schmit a René Wohner
Steinheim 10.30	Mass 6. Wm Nic Werdel / Fam Schiltz-Schenten
Junglinster 10.45	Mass Marcel a Jean Beck / René Thewes / Marcel Steffen
Beaufort 10.45	Kiermesmass op Meenung als Merci / Alphonse Steines a Corrie De Fouw-Buyze / Elsi Boonen-Spangers, Sylvie Leyder, Antoine a Petronella Boonen-Vullers / Fam Turpel-Schilling a Elise Juchemes
Girsterklaus 15.30	Rousekranz
16.00	Andacht
Echternach 18.30	Owesmass 8. Wm Di Giambattista Dan / Di Giambattista Salvatore

Méindeg, 06.10.

Echternach 09.00	Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger
Born 18.30	Rousekranz

Jesus sagt zu seinen Jünger: wenn ihr Glauben wie ein Senfkorn, würdet ihr zu diesem Maulbeerfeigenbaum sagen: Entwurzele dich und verpflanz dich ins Meer!

Der senfkornkleine Glaube kann Bäume versetzen. Das Senfkorn bleibt klein und hat doch grosse Sprengkraft, birgt ein gewaltiges Wachstumspotenzial.

Glaube war und ist weltbewegend, welterschütternd; dieser kleine Glaube, ist nicht zu unterschätzen!



Dënschdeg, 07.10. Gedenktag Unserer Lieben Frau vom Rosenkranz

Echternach	09.00	Mass	Petz Lahure
CIPA-Consdorf	10.30	Mass	St Pierre Lorang an Anna Thoma (H 1998)
Rodenbourg	18.30	Mass	Claudine Feiereisen-Neyens / Fam Thein
Girsterklaus		E Mëtteg mam Rousekranz	
	ab 16.00	16.00	Freederäiche Rousekranz - 17.00 Liichträiche Rousekranz
		18.00	Schmäerzhafte Rousekranz
	19.00	Festmass z.E. v. d. Rousekranzkinigin	
		duerno Liichterprëssessioun	

Mëttwoch, 08.10.

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)	Jos Ries a Fam
Beaufort	10.30	Mass (Seniorenresidenz)	
Echternach	18.30	Kanner- a Familljegottesdéngscht fir den Ufank vun der Katechese	

Donneschdeg, 09.10.

Echternach	09.00	Mass	op Meenung CO
Echternach	18.30	Stëll Anbetung	
	19.00	Vesper	

Freideg, 10.10.

Virun 359 Joer ass Maria, Tréischterin am Leed, zur Patrënesch vun der Stad Lëtzebuerg erwielt ginn

Echternach	09.00	Mass	Aloyse Mirkes
Bourglinster	17.00	Hochzäit	Anastasia Khasanova a Nick Mingneau
Junglinster	18.00	Stëll Anbetung	
	18.30	Kanner- a Familljemass	
			Henriette an Emile Bailleux-Seiler, abbé Emile Selier
Herborn	18.30	Rousekranz	
	19.00	Mass	

Allmächtiger Gott,

wir danken dir von Herzen für die reiche Ernte, die du uns in diesem Jahr geschenkt hast. Wir danken dir für das Brot, das uns nährt, für das Obst und Gemüse, das uns stärkt, und für alle Früchte der Erde. Lass uns die Gaben der Natur nicht als selbstverständlich ansehen, sondern sie in Dankbarkeit empfangen. Hilf uns, die Ernte mit den Bedürftigen zu teilen, damit niemand Hunger leiden muss. Segne alle, die auf den Feldern arbeiten und die Nahrung für uns anbauen.

28. Sonndeg am Joereskrees

Lk 17,11-19

*Kiermes zu Beidweiler an zu Rouspert***Samschdeg, 11.10.**

Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Girsterklaus	16.00	Daffeier fir Charly Dahm
Echternach	17.00	Virowendmass (Muttergotteskapell) Roger Schmitt (AZ)
Born	17.30	Rousekranz
	18.00	Virowendmass Anny Zeimet / Fam Hein-Ruppert-Lies Jeanny Classen-Farenzena
Beidweiler	18.30	Kiermesmass Ed Meyers a Fam / Fam Weydert-Duhr a Josy Weydert / St Ady Sauber a Fernand Sauber
Echternach	20.00	Messe pour la communauté portugaise

Sonndeg, 12.10.

Girsterklaus	09.00	Mass
Echternach	09.00	Mass Fam Kohn-Parisot
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / Paul Ries / Armand Neu a Famill Neu-Ries
Osweiler	10.30	Mass fir Zeimetz Kapp Cécile, Zeimetz Hélène a verstuerwene vun der Fam Zeimetz-Freilinger
Junglinster	10.45	Mass 6. Wm Vally Santer / 1. Jm Christiane Majeres-Bettel
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
	16.00	Andacht
Echternach	18.30	Owesmass op Meenung MM

Méindeg, 13.10.

Echternach	09.00	Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger
Rosport	18.00	Kiermesmass fir Lieweg a Verstuerwen aus dem Duerf Emile Schroeder
	duerno	Prëssessioun op de Kierfecht a Griewerseenung
Breidweiler	18.00	Mass Jean Wewer a Fam / Jeanny an Adolphe Puraye-Neises
Born	18.30	Rousekranz

Dönschdeg, 14.10.

Echternach	09.00	Mass op Meenung M / Anna Schock
Osweiler	09.30	Mass duerno Rousekranz
CIPA-Consdorf	10.30	Mass St Théo Kirpach an Elise Weis (H1998)

Mëttwoch, 15.10.*Hl. Teresia von Avila*

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)
CIPA-Lënster	11.00	Mass
Echternach	18.30	Kanner- a Familjemass

Donneschdeg, 16.10

Echternach	09.00	Mass Aloys a Marguerite Ernzer-Wagner
Echternach	18.30	Stëll Anbetung
	19.00	Vesper

Freideg, 17.10.*Hl. Ignatius von Antiochien*

Echternach	09.00	Mass
Girsterklaus	18.30	Rousekranz
	19.00	Festmass z.E. vum Hl. Lukas + Ofschloss vun der Pilgersaison



Die Aussätzigen halten – wie ihnen aufgetragen ist – Abstand zu Jesus. Doch Jesus überwindet die Distanz und heilt sie. Doch ihm näher kommt wirklich nur einer. Ein Samariter, der erkennt, wer Jesus wirklich ist. Die anderen neun bleiben trotz Heilung blind dafür.

29. Sonndeg am Joereskrees**Lk 18,1-8***Kiermes zu Eschweiler an zu Dillingen***Weltmissiounssonndeg- Affer fir Missio***Nationalen Gedenktag***Samschdeg, 18.10. Hl. Lukas, Evangelist**

Moersdorf	10.30	Konveniatsmass
Beaufort	11.00	Daffeier fir Valentine Wagner
Consdorf	11.00	Gottesdéngscht fir d'Journée de la Commémoration nationale
Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Echternach	16.30	Ankunft Fusswallfahrt Herzogenrath-Merkstein
Echternach	17.00	Virowendmass (Muttergotteskapell) Fam Grosch-Hoffmann a Lucie Grosch-Bausch
Bech	18.00	Virowendmass fir d'Journée de la Commémoration nationale / Brigitte Eifler Kartheiser/ Marie-Louise Steffes a Fam
Eschweiler	18.00	Kirmesmass Roger Schmit

Sonndeg, 19.10.

Girsterklaus	09.00	Mass Bertha a Jos Stronck-Braun / Nic Lanser
Echternach	09.00	Mass
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / fir d'Journée de la Commémoration nationale / fir all Affer vum Krich, fir Eenheet a Fridden / Fam Dominique Sauber- Hoffmann an Lucien Sauber / Gritty Thill-Differding
Rosport	10.30	Mass fir d'Journée de la Commémoration nationale / fir all Affer vum Krich, fir Eenheet a Fridden
Junglinster	10.45	Mass fir d'Journée de la Commémoration nationale / fir all Affer vum Krich, fir Eenheet a Fridden / Léonie a Roby Ludovicy-Graas / Fam Weydert-Duhr / JM J.P Mangel a Fam / Marc a Margot Herzog / Fam Olinger-Wecker
Berdorf	10.45	Mass fir d'Journée de la Commémoration nationale Roger Kinnen / Jos Schuller / St Fam Thies-Schilling / St Fam Thies- Federspiel
Dillingen	10.45	Kiermesmass fir d'Journée de la Commémoration nationale/ Marianne Champagne / Fam Erpelding-Gansen / Théo Gansen
	duerno	Kierfechtseenen
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
	16.00	Andacht - déi lescht fir d'Est Joer!
Echternach	18.30	Owesmass 1. JM Fernand Hauer

Méindeg, 20.10.

Echternach	09.00	Mass (Krypta) z. E. v. hL Willibrord - op Meenung vun de Pilger
Rosport	18.00	Kannergottesdénsgscht
Born	18.30	Rousekranz

Dënschdeg, 21.10.

Echternach	09.00	Mass
Osweiler	09.30	Mass duerno Rousekranz
CIPA-Consdorf	10.30	Mass St Fam Kirpach-Wagner (H 1998)
Altlinster	18.00	Mass

Mëttwoch, 22.10. *Hl. Johannes Paul II.*

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)
Beaufort	10.30	Mass (Seniorenresidenz)
Echternach	18.30	Kanner- a Familljemass

Donneschdeg, 23.10.

Echternach	09.00	Mass Fam Metz-Blanpain
Echternach	18.30	Stëll Anbetung
	19.00	Vesper

Freideg, 24.10.

Echternach	09.00	Mass
Junlinster	18.00	Stëll Anbetung
	18.30	Kanner- a Familljemass
Moersdorf	18.30	Rousekranz
	19.00	Mass

La parabole de la veuve et du juge inique, tirée de l'Évangile de Luc 18:1-8, souligne la nécessité de prier avec persévérance et de ne jamais se décourager.

Un juge, qui ne craignait ni Dieu ni les hommes, refuse d'abord d'écouter la demande d'une veuve qui cherchait justice contre son adversaire. Mais, face à l'insistance de cette dernière, il finit par céder, craignant qu'elle ne l'importune sans cesse.

Jésus utilise cet exemple pour enseigner que si même un juge injuste finit par accorder une requête à cause de la persévérance, à combien plus forte raison Dieu, qui est bon et juste, répondra-t-il aux prières de ses élus. Il nous invite à avoir une foi inébranlable et à continuer de prier, même quand la réponse semble tarder.

30. Sonndeg am Joereskrees**Lk 18,9-14***Kiermes zu Giischt***Samschdeg, 25.10.**

Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Altrier	15.30	Kierfechtseenen
Breidweiler	16.30	Kierfechtseenen
Echternach	17.00	Virowendmass (Muttergotteskapell) Jm Ana Rita Zaccharia
Girst	18.00	Kiermesmass "300 Joer vum Altor an der Kapell" fir déi Lieweg a Verstuerwen vu Giischt
Consdorf	18.00	Virowendmass Jm Jerry Hilger, Ketti an Arthur Hilger-Engler / Fam Mirkes-Roths a Stieber-Lutz / Charlotte a Roger Schroeder-Stelmes / Fam Gros-Schmit a Welter-Jungels an Oberweis-Welter/ Thierry Origer
Bourglinster	18.30	Virowendmass Jm Pauline Wehr / Henri Kerger a Fam Wurth-Schreiber a Ugen-Damé a Kerger-Damé/ St Wohltäter (Wolff u. Hansen)

Sonndeg, 26.10.

Girsterklaus	09.00	Mass EheL. François Rallinger-Hau u Söhne
Echternach	09.00	Mass
Hemstal	10.00	Mass Irma an Aloyse Meyers-Schmit / Els Prim-Houtvast / Fam Jean Witry-Schommer / St fir Marscherleit / St Fam Mathias Lordong
Hemstal	10.45	Kierfechtseenen
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / Marianne Bischof <i>dës Mass gët gesoneng vum Dammechouer "Les Enchantées"</i>
Junglinster	10.45	Mass JM Thérèse Mangen a Fam/ 10.JM Gaston Beideler a Margot Frisch-Thines
Girsterklaus	11.00	Pilgermass Barmherzige Brüder
Consdorf	15.00	Kierfechtseenen
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Scheidgen	16.00	Kierfechtseenen
Echternach	16.00	Vesper (Krypta) Barmherzige Brüder
Echternach	18.30	Owesmass Emanuel Schoentgen / Fam. Schoentgen Schumacher

Ich glaube, dass Gott uns in jeder Notlage so viel
Widerstandskraft geben will, wie wir brauchen.
Aber er gibt sie uns nicht im Voraus, damit wir uns
nicht auf uns selbst, sondern allein auf ihn verlassen.

Dietrich Bonhoeffer

Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 7 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnst de 26. Oktober 2025 eraus a geet bis den 21.12.2025.

Redaktiounsschluss 10. Oktober 2025

Kontakt

Francis Erasmy, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

Carlo Morbach, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

Luc Schreiner, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

Anise Metz, Parassistentin, ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

Josiane Mirkes, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

André Mendes, Sekretär, ✉ 12, Porte St Willibrord

L-6486 Echternach, ☎ 720149 📧 iechternach@cathol.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 | iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op

Moies: vun Dënschdes bis Freides 10-12 Auer

Mëttes: Dënschdes + Donneschdes vun 14-16 Auer | Mëttwochs vun 16-18 Auer

Iwwer Telephon si mir ereechbar

Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster, ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer

De Büro zu Lënster ass an de Schoulvakanzen zou!

Konto Massintentiounen:

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

Kierchefong C.T./Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer

**Um Internet:**

eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**

Allerhellgen an Allerséilen 2025

Gedenkfeieren op eise Kierfechter

Seene vun de Griewer

Altlinster	Sonndes 02.11	09.45	Eschweiler	Samschdes 01.11	15.00
Altrier	Samschdes 25.10	15.30	<i>Bëschkierfecht</i>		
Beaufort	Sonndes 02.11	11.45	Eschweiler	Samschdes 01.11	16.15
Bech	Sonndes 02.11	10.00	Girsterklaus	Sonndes 02.11	16.00
Beidweiler	Samschdes 01.11	16.35	Godbrange	Sonndes 02.11	10.05
Berdorf	Samschdes 01.11	10.00	Gonderange	Samschdes 01.11	15.30
<i>Bëschkierfecht</i>			Hemstal	Sonndes 26.10	10.45
Berdorf	Samschdes 01.11	11.00	Herborn	Sonndes 02.11	11.45
Bollendorf-Pont	Samschdes 01.11	15.00	Junglinster	Sonndes 02.11	12.00
Born	Samschdes 01.11	15.30	Moersdorf	Samschdes 01.11	16.15
Bourglinster	Samschdes 01.11	11.45	Mompach	Samschdes 01.11	17.00
Breidweiler	Samschdes 25.10	16.30	Osweiler	Samschdes 01.11	11.00
Consdorf	Sonndes 26.10	15.00	Rodenbourg	Samschdes 01.11	16.00
Dickweiler	Sonndes 09.11	11.30	Rosport	Sonndes 02.11	11.00
Dillingen	Sonndes 19.10	12.00	Scheidgen	Sonndes 26.10	16.00
Echternach	Samschdes 01.11	14.30	Steinheim	Samschdes 01.11	11.45

Rousekranzmonat auf der Girsterklaus

- **Jeden Sonntag** um 15:30 Uhr gemeinsames Rosenkranzgebet
- **Dienstag 7. Oktober "Ein Nachmittag mit dem Rosenkranz"**
 *Ab 16 Uhr beten wir stündlich jeweils eine Serie von den Rosenkranzgeheimnissen.
 Dazwischen Gelegenheit zur stillen eucharistischen Anbetung oder Begegnung bei Getränken und Gebäck im Bruderhaus.
 *Um 19 Uhr Heilige Messe anschließend Rosenkranzprozession als Lichterprozession
- **Dienstag 7. Oktober Lichterprozession**
 Die sonst am 1. Oktobersonntag übliche Rosenkranzprozession wird, mangels Teilnehmenden in den letzten Jahren, durch eine Lichterprozession am Rosenkranzfest dem 7. Oktober ersetzt.
- **Samstag 18. Oktober Lukasfest**
 14:30 Uhr Rosenkranz | 15:00 Uhr Hochamt zum Abschluss der Pilgersaison

Communauté portugaise

Durant le mois d'octobre, prière du chapelet tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique. Accès par la porte arrière (derrière la Basilique).

Liestipp...

Hubert Frankemölle
Brotbrechen

Glauben mit den
Emmausjüngern

Verlag Herder Freiburg 2025, 416 Seiten, 36,00€



Den emeritierte Professor fir Exegees vum Neien Testament, Hubert Frankemölle, huet an dësem Buch, dat elo am August erschénge ass, ee wierklech a mengen Ae grouss Worf gemaach. Wann een d'Inhaltsverzeechnis kuckt, da gëtt engem scho gläich kloer, dass hien eng grouss Spannwaît vum Iddien iwwerbléckt a versicht duer ze stellen. Hie geet am éischte Kapitel aus vun de Problemer vun eiser Zäit mat eisem chrëschtliche Glawen. Hei komme gläich eng ganz Rei vu Problemer zur Sprooch, déi mir an eiser Gesellschaft allgemeng mat dem Glawen hunn, an hie vergläicht si dann och mat der Zäit vum Ufank vum Chrëschtentum. Et fält op, dass et vun Ufank un ëmmer nees Transformatiounen am Denke gouf, déi dann an d'Glawensvirstellungen ageschafft goufen. Eppes muss eis allerdéngs ëmmer nees kloer sinn: D'Bibel ass d'Wuert vu Gott awer a mënschlecher Sprooch. (S. 109)

Eng Deitung vun der Welt aus dem Glawen dierf net ouni Geschicht sinn. Si muss ëmmer am jeeweilige Weltbild geschéien. A genee dat war och zur Zäit vun dem Nidderschreiw vum den Texter an der Bibel esou. Dofir mussen si och entspriechent gelies a verstane ginn. Glawe gëtt et net ouni e Verstoen, net ouni Rationalitéit. (S. 110) Entsprechend missten dann och Glawensformelen, Gebieder a Villes méi nei an de Wieder vun eiser Zäit formuléiert ginn. Et ass vläicht an engem gewësse Sënn feierlech a romantesch mat alen Texter a Forme Gottesdéngschter ze feieren. Wa mir dofir awer de Mënsch vun haut a sengem Denken net méi errechen, ass dat alles hifälleg. D'Glawensgeschichten an der Bibel sinn Erzielunge vu geliefem Liewen. Mä och eis Zäit huet ee Liewen. (S. 117) Dat muss an eisem Glawen haut zur Sprooch kommen. D'Wierklechkeet vu Gott kënn mir och haut an allem fannen, genee esou wéi et och an de biblesche Schrëften thematiséiert gëtt. Léiersätz aus dem Katchësem, oder onverständlech an erof geleiert Gebieder feieren net zu Gott. (S. 119)

An engem zweete Kapitel gëtt d'Fro gestalt, wat et heescht biblesch ze gleewen. Exemplaresch ginn dann eng Rei biblesch Schrëften no hirem Verständnis vu Glawen analyséiert. Dobäi stellt een da fest, dass d'Bibel eigentlech ee Bekenntnis zur Pluralitéit ass. (S. 160) Déi eenzel Schrëften si fir ënnerschiddlech Gemeinschaften geschriwwen a spigelen dofir och deelweis ënnerschiddlech, wann net esou guer géigesätzlech Glawensvirstellungen erëm. Dofir ass et wichteg, dass mir haut dat erëm méi däitlech gesinn an eventuell an eisem kierchleche Liewen erëm méi respektéieren. Munch Virstellung mussen dofir an ee Gespréich bruecht ginn.

Dat drëtt Kapitel ënnersicht déi verschidde Modeller vun Erléisung, wéi engersäits de Paulus a senge Bréiwer si presentéieren an anerersäits wéi den Evangelist Lukas si op seng eege Manéier a sengem Evangelium an a senger Apostelgeschicht gesäit. Déi

ënnerschiddlech Perspektive soll een och haut beuechten an sech net einfach, wéi et eben all ze laang an eiser Kierch geschitt ass, op nëmmen ee Modell beschränken.

Mir wëssen, dass Villes an eiser Kierch net aus der Bibel kënnt. An der Zäit no dem Neien Testament gouf et vill ënnerschiddlech Weeër, déi an der Geschicht vun der Kierch och zu munchem Sträit gefouert hunn. An och hei musse mir kloer gesinn, dass dat, wat mir haut als Kierch kennen, duerchaus kéint anescht sinn. Dat véiert Kapitel vum Buch beliicht des Punkten. Am leschten Abschnitt (S. 335-339) kënnt den Auteur dann och konkret op déi aktuell Liturgie ze schwätzen an déi andauernd an unhalend Diskussioun mat den Traditionalisten. Hien ass ganz iwwerzeegt, dass mir haut an der Liturgie onbedéngt nei Gebieder, besonnesch nei Héichgebieder misste schafen, déi de Virstellungen an dem Glawe vun de Mënsche vun haut géifen entspriechen. (S. 337) D'Eucharistie als "Feier vum Broutbriechen" dierft net een "Hokuspokus" vum Paschtouer sinn, deen eleng a senger Feierlechkeet quasi sech selwer zelebréiert. Hei misst d'Kierch sech erëm

méi op déi echt biblesch Iwwerliwwerunge stäipen a besënnen an si natierlech eiser Zäit entspriechend ëmsetzen.

Dat lescht 6. Kapitel mécht sech dann Iwwerleeungen iwwer d'Weeër vun der Kierch an deene kommende Joren. Dem Pöpst Franziskus seng Ustéis a sengen Enzykliken a aner Dokumenter gi kuerz ënnersicht. Duerno diskutéiert den Auteur déi hermeneutesch Grondproblemer vun eiser kierchlecher Zukunft, wou eng ganz Rei och méi komplex Problemer vun eiser Zäit zur Sprooch kommen. Villes ass op dësem Feld ze leeschten an d'Fro ass, op mir et an eiser Kierch fäerdeg bréngen deen Effort ze maachen. "Pastoraltheologisch geht es heute auf Gemeindeebene um die Aufgabe, Menschen mit Kinderglauben zu einem reflektierten Glauben zu führen." (S. 369) Dat setzt awer viraus, dass mir an eiser Kierch net weider ee kannerege Glawe priedegen a virmaachen. D'Kierch muss sech op eis Zäit aloossen an net an antiquéierte Virstellunge stoe bleiwen. D'Kierch muss sech entwéckelen. "Werden ist auch ein Gesetz der Gesellschaft, folglich auch der Kirche." (S. 17)

Carlo Morbach



La Journée de Commémoration Nationale est consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois durant l'occupation 1940-1945. Pour l'année 2025, la date officielle de la Journée a été fixée au dimanche 19 octobre 2025.

Die Kirche von Hemstal

„Die Pfarrei St. Brictius Hemstal, Gemeinde Bech, ist dem Namen nach schon vor 830 erwähnt. Der Name geht zurück auf die Sippe des Hemming, die sich bei der fränkischen Landnahme dort niederließ.“¹

Im Jahr 894 findet der Ort unter dem Begriff Hemmingestal Erwähnung, 953 dann vallis Hemmingi und 1393 schließlich Hemstal.² In einer Urkunde von 894/895, heißt es, dass Berctrudis im Auftrag des Reginbold und dessen Frau Uda der Abtei Echternach einen Herrenhof in Hemstal schenkte, der ihr auf Lebenszeit zur Nutznießung überlassen war. Zwei Generationen später (953) bestätigte König Otto I. der Trier Frauenabtei Oeren-St. Irminen ihren Besitz in Hemstal (vallis Hemmingi).³ In der Taxa generalis (um 1330) aus der Zeit des Erzbischofs Balduin von Luxemburg (1307-1354) wird Hemstal im Landkapitel Mersch des alten Erzbistums Trier genannt. Die Pfarrei findet ebenso Erwähnung im Visitationsbericht aus dem Jahre 1570. Als Patron der Pfarrkirche wird schon 1570 der heilige Brictius aufgeführt. Das Patrozinium hat sich jedenfalls seither nicht geändert.

Zum Bezirk der Kirche gehörten nach einem Verzeichnis aus dem Jahr 1787 die Filialen Hersberg und Altrier, Rippig, Zittig mit der Mühle und 15 Leute, die im Wald von Reuland (Marscherwald) lebten. Einen Hinweis auf diese Menschen geben noch heute die monatlichen Stiftungsmessen „für die Marscherleute“. Nach dem Visitationsbericht von 1570 standen der Äbtissin des Trierer Klosters St. Irminen neben dem Patronatsrecht auch zwei Drittel des Zehnten zu. Filialkapellen mit dem Recht auf regelmäßigen Gottesdienst an einem Werktag im Monat hatten die Orte Zittig (St. Nikolaus), Rippig (St.

Antonius) und Hersberg (St. Margaretha). Der Visitationsbericht von 1628 bemerkt, dass der Pfarrer in den Filialen auch an den Festen der Kirchenpatrone zum Gottesdienst verpflichtet war.⁴

Der Trierer Erzbischof Johann inkorporierte 1210 die Kirche in Hemstal dem Krankenhaus der Trierer Abtei St. Irminen. Die Bedingung war, dass die Abtei einen ständigen Vikar anzustellen hatte, der ein Drittel des Zehnten und der sonstigen Einkünfte der Kirche erhielt.⁵





In den Jahren 2011/2012 wurde die Kirche gründlich renoviert. Die Malereien, die nach dem Konzil weiß übertüncht worden waren, wurden wieder freigelegt und aufgefrischt. Bei diesen Arbeiten zeigte sich, dass es zwei Ausmalungen der Hemstaler Kirche gab. Eine erste muss wohl schon kurz nach der Erbauung der Kirche erfolgt sein. An den „Säulen“ und am Triumphbogen zum Chorraum wurde diese erste Malerei freigelegt und erneuert. Bei der zweiten Ausmalung waren hier einfache weiß-graue Säulenimitationen aufgemalt worden, welche keinen besonderen künstlerischen Wert hatten. Der Chorraum und die Nischen der Seitenaltäre bieten die Malerei aus den 30er Jahren des 20. Jhd., welche von Oscar Gasché angefertigt wurde. Was sich unter dieser Malerei aus dem 20. Jahrhundert verbirgt ist unbekannt. Dies hätte nur durch Zerstörung der von Gasché angefertigten Ausmalung erforscht werden können.

Carlo Morbach

Aus dem Visitationsbericht von 1570 erfahren wir, dass das Kirchenschiff reparaturbedürftig war. 1628 war das Dach in schlechtem Zustand. 1665 wurde ein neuer Chor und 1668 ein neues Kirchenschiff errichtet. Ein alter Schlussstein im Turm trägt die Jahreszahl 1668 und das Wappen der Äbtissin Irmina von Piesport. Am 2. Juni 1679 wurden drei Altäre der Kirche geweiht: Hl. Dreifaltigkeit, hl. Matthias und hl. Brictius. Die heutige Kirche wurde 1855 erbaut und am Fest Peter und Paul, dem 29.6.1878 geweiht. Am 20. April 1975 war die Weihe des neuen Volksaltars.⁶

Das Kirchweihfest der Pfarrkirche von Hemstal wird am Sonntag nach dem 12. November gefeiert. Eine eigene Feier des Patroziniums findet nicht statt, da diese mit dem Kirchweihfest zusammenfällt. Patron ist der heilige Bischof Brictius, der Nachfolger des heiligen Martin auf dem Bischofsstuhl von Tours. Sein Fest ist der 13. November.

1 Emile Seiler, Dekanat und Pfarrei Echternach. Bausteine für eine lokale Kirchengeschichte, in: Nos Cahiers 19 (1998) 2/3, 293-361, S. 301.

2 Vgl. F. Pauly, Siedlung und Pfarrorganisation im alten Erzbistum Trier. Das Landkapitel Mersch, Trier 1970, 13ff. + 21.

3 Vgl. ebd. S. 183.

4 Vgl. ebd. S. 183.

5 Vgl. ebd. S. 184f.

6 Vgl. E. Seiler, ebd. S. 301.



Dëst & dat...

Missio

An de Kierchen leien Enveloppen fir de **Weltmissiounssondeg, den**

19.10.25 Dir kënnt Ären Don och direkt op Missio iwwerweisen:

CCPL LU09 1111 0382 9981 0000

Villmols Merci, datt Dir un déi denkt, déi materiell bedeitend manner hu wéi mir!



Chèque Iwwereechung

D'Kommuniounskanner aus der Par Regioun Iechternach St Willibrord hunn an dësem Joer e Projet am Bangladesch vun der Association CSI ënnerstëtzt.

No der Joresoofschlossmass gouf e Scheck mat der stolzer Zomm vun 3.765 € vun de Kanner un d'Vertriererin vun CSI iwwerreecht. D'Madamm Dechmann huet de Kanner, hire Familljen an och dem ganze Pastoralteam Merci fir de léiwe Gest gesot an erklärt, wat mat de gespente Suen alles gemaach gëtt.



Willibrordus-Oktav 2025

vum 7. bis den 14. November

D'Oktave fänkt Freides owes un de 7. November um 18.30 Auer mat der Pilgermass fir eis Par Regioun Iechternach, fir d'Pfarreiengemeinschaft Irrel a fir all Pilgerinen a Pilger.

Den détailléierte Programm fannt Dir am nächste Parbréif.





OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l.

soutient

**l'Action paquets de Noël pour familles nécessiteuses
en Roumanie et en Ukraine
du 01. - 15. 11.2025**

de la société

KANNER- A FAMILLIJENHËLEF a.s.b.l.

(Aide aux enfants et aux familles)

RCS: F10515

Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm / Tél. : 661 309 320

CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000



Gratis Këschte gëtt et vum 1. November un op de Sammelplazen an an de Kierche vun der Par Regioun Iechternach St Willibrord. Wgl d'Këschte mat deenen hei ënnen opgelëschte Saache fëllen.

Cartons gratuits aux points de collecte et dans les églises de la "Paroisse Regioun Iechternach St Willibrord" à partir du 1^{er} novembre 2025.

Les paquets devront contenir les denrées alimentaires/objets suivants :

1 kg Zucker/sucre	1 kg Miel/farine	1 kg Räis/riz
1 kg Spaghetti/spaghettis	1 kg Schmult/semoule de blé	500 g Margarinn/margarine
250 g gemuelene Kaffi/café moulu	Friichtentéi/tisane aux fruits	Kichelcher/biscuits
2 Fëschkonserven/conserves de poisson	4 Päckelcherszoppen/sachets de soupe déshydratée	
250 g Bak-Kakao/cacao nature	2 x Vitaminbrausetabletten/comprimés effervescents de vitamines	
3 Päck Bouillonsküben/paquets de bouillon en cube	Kichelcher/biscuits	
400 g Schockela/chocolat	Kamellen/bonbons	
1 Chrëschtkaart/carte vœux pour Noël		

Aplaz eng gefëllte Këscht ofzeliwweren, kënnt Dir och en Don (40 € pro Këscht) un d'

„Kanner- a Familljenhëllef a.s.b.l.“ iwwerweisen.

Au lieu de remettre un carton rempli vous pouvez faire un don de 40,- €/paquet à KANNER- A FAMILLIJENHËLEF asbl.

CCPLLULL : LU61 1111 7038 8755 0000

All aner Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken ass wëllkomm.

Tout autre don pour couvrir les frais de transport est le bienvenu.

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand :

On accepte aussi les objets suivants en état correct et propre :

waarm Decken/couvertures chaudes	Spillsaachen/jouets
Buggen/ poussettes	komplett Kannerkutschen/ landaux complets
Kannerbetter mat Matrass an Decken/lits pour bébés avec matelas et couverture	
Kannervëloen/vélos pour enfants	

Mir soen Iech am Viraus e ganz häerzleche Merci.

Nous vous remercions chaleureusement.

Sammelplazen/Points de collecte :

ORIGER	56, rue Hicht	Consdorf	☎ (691) 79 08 09
BUREAU PAROISSIAL	12, Porte St Willibrord	Echternach	☎ 72 01 49



Reservierungen nur durch
Anruf unter:
*Réservations uniquement
par appel au :*
(+352) 621 375 295



muswettbewerb.lu



28.09.25

Concert | 17:00
an der Jonglënster Kierch

Maria MITEVA, flûte
Luc HEMMER, vibraphone
Stefanie DUPREL, grand orgue

Entrée : 25€ (Enfants & étudiants gratuits)
Eintritt: 25€ (Kinder und Studenten gratis)



photo : Adrian Burrows

26.10.25

Concert | 17:00
***Récital d'inauguration
de l'orgue agrandi***

Thomas TROTTER,
City organist Birmingham (UK)

Entrée : gratuit (Réservations souhaitées)
Eintritt: frei (Reservierungen erwünscht)

Cuvée 250 Joer

Bestellt äre Crémant a kritt en
ab 6 Fläsche (110,00€) gratis
heem geliwwert (awer just an
der Gemeng Jonglënster).
E-mail:
commande@LensterKierch.lu
Tel.: (+352) 621 375 295



org: D'Frënn vun der Lënster Kierch



Mehr Informationen unter:
Pour plus d'informations:
www.LensterKierch.lu



LANDESJUGENDAKKORDEON ORCHESTER

NORDRHEIN-WESTFALEN

**Dönsdeg, de 14. Oktober 2025
um 20h15
zu Uesweller A Lannen**

**Fräien Entrée - Tombola - e
gudde Patt an e feine Maufel**

ORG.Chorale réunie Rouspert-Uesweller

Kateches 2025/26 - Glawen erliewen

Kateches

- de Jesus a seng frou Botschaft kenneléieren
- en Abléck an déi chrëschtlech Relioun mat hire Fester an Traditiounen kréien



Virbereedung op d'Éischtkommunioun:

E Kand soll 3 Joer an der Kateches ageschriwwen sinn.

Am Joer vun der Kommunioun gëtt et niewt der Kateches eng speziell Virbereedung op d'Fest vun der éischter HL. Kommunioun: d'Kanner huelen regelméisseg un de Gottesdengschter deel an u speziellen Aktivitéiten respektiv Prouwen.



Umeldung

De Flyer vun der Kateches, mam Umeldungsformular ass an all Bréifkescht an onser Por ausgedeelt ginn. Dir fannt den Umeldungsformular och an de Kierchen, am Parbüro oder iwwert Homepage: <https://cathol.lu/iechternach>.

Déi Kanner déi dat läscht Joër an der Kateches ugemeld woren, do kréien d'Elteren de neien Umeldungsformular per mail geschéckt

Dir kënnt och op den Aschreiwungstermin an de Parbüro kommen, an Äert d'Kand dann direkt do aschreiwen: Vum 1. September un, vun Dënschdes bis Fréides vun 10.00-12.00 Auer oder op Rendez-vous.

La catéchèse

permet aux enfants des cycles 2.1 aux cycles 4.2 de

- faire connaissance de Jésus et de sa Bonne Nouvelle
- recevoir un aperçu de la religion chrétienne, de ses fêtes et traditions

Préparation à la 1ère communion

L'enfant doit être inscrit pendant 3 ans au cours de la catéchèse.

L'année de la première communion une préparation supplémentaire sera offerte aux enfants.

Inscription

Le dépliant avec le formulaire d'inscription a été distribué à "toutes boîtes" dans notre paroisse. Vous le trouvez aussi dans les églises et sur le site internet: <https://cathol.lu/iechternach>.

Les parents, des enfants déjà inscrits à la catéchèse, recevront le nouveau formulaire d'inscription par mail.

vous pouvez aussi venir au bureau paroissial à Echternach, à partir du 1er septembre, le mardi, mercredi ou jeudi de 10h00-12h00 ou sur Rendez-vous.

Informations

Luc Zimmer (Katechet) Tel. 26 720 376 - email: luc.zimmer@cathol.lu

André Mendes (Sekretär) Tel. 720 149 - email: iechternach@cathol.lu



Firmung 2026

Virbereedung op d'Firmung

- De chrëschtliche Glawe weider liewen a mat aneren deelen
- D'Firmung ass geduecht fir Jonker ab 15 Joer (ab dem Joergank 2010)
- D'Virbereedung ass Dëschdes 2 Mol am Mount (ausser an de Vakanzen) entweder zu Iechternach (Basilika) oder zu Jonglënster (Parzenter)

Umeldung

Dir fannt den Umeldungsziedel op eisem Internetsite: cathol.lu/iechternach. Fëllt en aus a schéckt en un de Parbüro: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach oder per mail: iechternach@cathol.lu

Info-Versammlung (fir Kandidaten an Elteren)

- Méindes 6. Oktober um 19 Auer | Veräinshaus Iechternach (2, p. des Demoiselles)
oder
- Dëschdes 7. Oktober um 19 Auer | Parzenter Lënster (15, rue du Village)

Fir weider Informatiounen

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: josiane.mirkes@cathol.lu
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: carlo.morbach@cathol.lu

Confirmation 2026

Préparation à la confirmation

- vivre et partager la foi chrétienne avec d'autres jeunes
- la préparation est prévue pour les jeunes du lycée (à partir de l'année de naissance 2010) et a lieu 2 fois par mois le mardi (alternance Echternach et Junglinster)

Inscription

Vous trouvez la fiche d'inscription sur notre site internet: cathol.lu/iechternach. Veuillez le remplir et envoyer au bureau paroissial: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach ou par mail: iechternach@cathol.lu

Réunions d'informations (pour candidats et parents)

- Lundi 6 octobre à 19h00 | Maison des Oeuvres à Echternach (2, p. des Demoiselles)
ou
- Mardi 7 octobre à 19h00 | Centre paroissial à Junglinster (15, rue du Village)

Informations:

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: josiane.mirkes@cathol.lu
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: carlo.morbach@cathol.lu



Parbüro Iechternach | Bureau paroissial

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach
720149 | iechternach@cathol.lu
Site Internet: cathol.lu/iechternach

Dat (Vir-) Lescht



PASTOR KLEINSCHMIDT.. VERKÜNDIGUNG.. NEUE WEGE

„Man hat schon wiederholt versucht, das Gewicht des Mondes zu errechnen, aber es sind immer verschiedene Ergebnisse herausgekommen“, liest der Vater aus der Zeitung vor. „Aber das ist doch logisch“, meint Uwe „einmal nimmt der Mond zu, einmal nimmt er ab!“

Der Pfarrer lädt den kleinen Peter zu sich ein. Vor dem Mittagessen sagt er: „Heute soll unser kleiner Gast das Tischgebet sprechen.“ Peter ist stumm wie ein Fisch. Der Pfarrer will ihm helfen und fragt: „Na, was sagt denn deine Mutter immer, ehe ihr anfangt zu essen?“ Peter, mit fromm gefalteten Händen: „Bekleckert euch nicht, ihr Ferkel.“

TIM & LAURA www.WAGHUBINGER.de



1950-2025 | CHORALE MIXTE BERDORF

« Ad Libitum » Rosch Mirkes

CONCERT



12

OKTOBER

17:00 h
Kierch/Eglise
de Berdorf

chorale-berdorf-consdorf.lu

